



Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro N° 5813 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup

Fro 1

Den Artikel 23 vum ofgeännerte Nationalitéitegesetz vum 8. März 2017 regelt d'Optionsprozedur:

« *L'option est ouverte au majeur :*

1° lorsque son parent ou adoptant possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité ne lui a pas été attribuée ; ou

2° lorsque son grand-parent possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité n'a pas été attribuée à son parent. »

Heidrenner sinn d'Statistiken vun den ofgeschlossenen Optionsprozeduren op Basis vum Artikel 23.

Optiounen Artikel 23	
2017	52
2018	416
2019	855
2020	557
2021	622

Total **2502**

Fro 2

Et si keng Statistiken, opgedeelt no dene verschidde Méiglechkeeten Elterendeel, Adoptivelterendeel oder Grousselterendeel, verfügbar.

Enger Schätzung no deelen sech d'Méiglechkeeten vum Elterendeel an Grousselterendeel zu jeeeweils 50 % op.

D'Méiglechkeet vum Adoptivelterendeel kennt ganz sielen vir.



Fro 3

Zum Wunnuert gin et folgend Schätzungen:

Ongeféier 500 Persounen hun hire Wunnuert zu Lëtzebuerg.

Vun dene reschtlechen Persounen hun der em déi 1110 hiren Wunnuert a Frankräich, 400 an der Belge, 130 an Däitschland, 100 a Groussbritannien, 75 an de Vereenegte Staaten vun Amerika, 20 a Brasilien, an am Rescht vun der Welt. Ob dës Persoune jemols e Wunnuert zu Lëtzebuerg haten ka net festgestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 21 Mäerz 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson